

## 20.11.2015: Fête Ste Cécile

Wéi all Joer war d'Caeciliefeier an der Pizzeria Girassol a Geleeënheet, fir all deenen, déi bei der JNA gehollef hunn, Merci ze soen. D'Rosa Moreira-Dos Reis Pinto krut e sëlwer Gielche fir 20 Joer Aktivitéit iwwerreecht.

### Themen an deser Nummer :

- Caeciliefeier 2015
- AG Februar 2016
- Akkordeon-Festival in Idesheim (D)
- Aktivitéiten & Concert-ën 2016
- Verkaf CD
- An eegener Saach
- Impressum
- Contact





## 24.04.2016: Akkordeon-Festival in Idesheim (D)

September 2016 / Sait 2

Die Einladung des Akkordeon-Orchesters "Frohe Klänge" Idesheim-Ittel-Hofweiler zum Akkordeon-Festival im Gasthaus Lieser nahmen wir sehr gerne an. Wir machten einen Tagesausflug mit dem Bus nach Idesheim wo wir bei Akkordeon-Klängen unterschiedlichster Art einen frohen Sonntag inmitten lauter Freunde des doch sehr vielseitigen Instrumentes verbrachten. Eine kleine Auswahl der bei dieser Gelegenheit entstandenen Bilder zeugen von Können, Vielfalt, Fröhlichkeit und Begeisterung des Tages.



Akkordeon Orchester Menningen-Minden unter der Leitung von Alexander Konrad



Akkordeon Orchester der Kreismusikschule Vulkaneifel unter der Leitung von Alexander Konrad



Akkordeon Orchester der "Frohe Klänge" e. V. unter der Leitung von Alexander Konrad



Lydies lesbische Verwandschaft



Harmonika-Orchester Bietzen  
Leitung: Ernst Ludwig



Accordiola St. Vith - Leitung: Vincent Dujardin



Bilder SMAL S. 4;  
In dieser  
Reportage fehlen  
Bilder vom Akk.-  
Orchester Bitburg





Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg

# D'Quëtschbloder

September 2016 / Sait 3

*Neits vun der Société municipale des  
accordéonistes de Luxembourg*

## 24.02.1016: Generalversammlung

De President Raymond Mahnen huet schonn an der Begrëssung vun de Membër bei der Generalversammlung ugedeit, datt de Veräin ee positive Bilan fir 2015 opweises huet.

Mat sengem Rapport dokumentéiert den Dirigent Romain Kraus a senger Qualitéit als Sekretär, datt d'Société municipale des accordéonistes de Luxembourg mat 2015 en aarbechtsräicht Joer hanneru sech huet. De Comité war 8 Mol beienee fir d'Gestioun vum Veräin z'organisieren. Eng zousätzlech AG war noutwenneg, fir déi vereelsten, an dofir iwwerschaffte Statuten unzehuelen, déi duerno am Mémorial publizéiert goufen.

Wat déi musikalesch Aktivitéiten ubelaangt: mir hate 40 Prouwen an 13 Concert-ën; doniewent ass op eis traditionnell Participatioun bei der lechternacher Sprangprésséssion hinzewisen. Speziell ervirzeisträichen wir dann d'Organisatioun vun der 22. Journée nationale de l'accordéon ënnert dem Patronage vun der UGDA a vun der Stad Lëtzebuerg, deenen nach eng Kéier Merci ze soen ass fir hir Ënnerstëtzung.

Bei de Prouwen an den Opdrëtter gouf et an der Moyenne eng Presenz vun 78%. De President huet den 3 äifregste Musikante eng kleng Unerkennung iwwereecht: dem Rosa, dem Guy an dem Jenni.

Am Laf vun 2015 sinn 2 Neizougäng ze notéieren: den Helmut Esslinger an d'Beate Czech.

E grouse Merci göllt alle Musikantinnen an dem Comité fir hiirt Engagement an déi gudd Ambiance am Veräin. Ausdrécklech Merci krut de Vic. Kolb gesot fir seng aktiv Hëllef bei der Organisatioun vum Ausflug am Oktober.

Den Tresorier Brice Junius huet duerno de Keessebestand presentéiert. D'Keess gouf exemplaresch gefouert an d'Finanze si méi wéi nëmme gudd. D'Keesserevisoren hunn dat confirméiert an der Assemblée proposéiert, dem Tresorier d'Décharge ze ginn, wat d'Assemblée eestëmmeg gemaach huet.

De Comité krut dann och d'Décharge fir seng Aarbecht.

Fir d'Deelerneierung vum Comité waren d'Mandater vu Jenni Boettel, Fernand Buchholtz a Monique Feitler z'erneieren. Aus berufleche Grënn verzicht d'Jenni op säi Mandat. Dien neie Comité setzt sech zesummen aus Fernand Buchholtz, Monique Feitler, Brice Junius, Romain Kraus, Raymond Mahnen, Guy Schmit a Monique Simon.





**SOCIÉTÉ MUNICIPALE DES  
ACCORDÉONISTES DE  
LUXEMBOURG (SMAL)**

**CONTACT SMAL :**

President R. Mahnen

Tél. +352 40 39 94

Dirigent R. Kraus

Tél. +352 50 15 06

Redaktioun  
« d'Quëtschbloder » :  
Danielle Ludwig  
Luxembourg-Bonnevoie

e-mail (privat):  
danielle.ludwig@gmx.net  
e-mail SMAL :  
Accordeon\_SMAL@gmx.net



**Aktivitéite vun der SMAL :**

**25.09.2016 - 15h00** Concert - « Amis de la Fleur », Centre Hild Dudelange, Av. Grande-Duchesse Charlotte n° 11

**02.10.2016 - 15h00** Concert - Hauptmann's Schloss Berbourg Berbourg, Broucherstrooss n° 4

**16.10.2016 - 15h30** Concert - Maisons de soins « Op Lamp » Wasserbillig, Rue des Romains 7

**13.11.2016 - 14h30** Journée Nationale de l'Accordéon

**25.11.2016 - 19h30** Fête Ste Cécile - Pizzeria Girassol, Beggen route de Beggen n° 185

**27.11.2015 - 15h00** Concert - Amicale Maacher Guiden & Scouten Grevenmacher, rue de l'Eglise n° 15

08.04.2017 - 15h00 Concert - Centre Pontalize, Ettelbruck, 17, Avenue des Alliés

06.06.2017 Echternach: Sprangprëssësioun - Procession dansante

Bestellt en CD mat der Opzeechnung vun eisem Concert den 8.02.14 am CHdN, andeems Dir 18 € (CD+Porto) op de CCPL vun der SMAL IBAN LU34 1111 0103 9920 0000 iwwerweist. Dir kritt den CD dann heem geschéckt. *Commandez le CD avec l'enregistrement de notre concert du 8.02.14 au CHdN en effectuant un virement de 18 € (CD+frais de port) au CCPL de la SMAL IBAN LU34 1111 0103 9920 0000. Le CD vous sera envoyé à domicile.*

**24.04.2016: Akkordeon-Festival in Idesheim (D)  
(Fortsetzung) Bilder der SMAL**

Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg - Leitung: Romain Kraus



[www.accordeon.lu](http://www.accordeon.lu)

**An eegener Saach ...**

Mir sichen Accordéonisten, déi no regelméisseg Prouwe gäre bei eise Concertë matspillen an och soss d'Gesellschaft an enger lëschtger Equipe genéissen.

Interessierter kommen eng Kéier Mëttwochs an d'Prouw kucken: "Hal Victor Hugo" um Lamperberg, rechts niewt der Rotonde eran an dann um éischte Stack am Gank hanne rechts.

*Nous accueillons volontiers les accordéonistes désireux d'intégrer notre orchestre pour participer aux répétitions hebdomadaires et aux concerts durant les saisons. Intéressé(e)? Venez nous rencontrer pendant une répétition au « Hal Victor Hugo » à Lux.-Limpertsberg; entrée à droite de la Rotonde, au 1er étage la dernière pièce à droite du couloir.*